WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG

**Bulletin communal 03/2026**

# AVIS AU PUBLIC – MATDEELUNGEN

## Informations importantes sur le nouveau système de collecte du papier et du verre

*Personne de contact : Gil Kohn ; Tel. 837287-23 ; gil.kohn@waldbillig.lu*

L'administration communale de Waldbillig tient à vous informer que les paniers «Ecobac», utilisés pour la collecte du papier et du verre, seront remplacés par des poubelles de couleur bleue et verte, disponibles en volumes de 120 ou 240 litres.

Cette décision a été prise par le Syndicat intercommunal de gestion des déchets (SIGRE), dont la commune est membre. Les paniers ne seront plus vidés à partir du 1er janvier 2027.

Le bon de commande correspondant est disponible sur le site internet de la commune à l'adresse www.waldbillig.lu, dans la section *déchets et recyclage,* ainsi qu'aux bureaux de la commune.

Pour éviter toute rupture de stock, nous vous prions de bien vouloir passer votre commande avant le 15 septembre 2026.

Les paniers pourront être soit gardés pour un usage personnel ou déposés au centre de recyclage à Junglinster.

L'administration communale vous remercie d'avance pour votre coopération et reste à votre disposition pour toute information supplémentaire.

## Wichteg Informatiounen iwwer den neie System vun der Kollekt vum Pabeier a Glas

*Kontaktpersoun: Gil Kohn ; Tel. 837287-23 ; gil.kohn@waldbillig.lu*

D'Gemengeverwaltung vu Waldbëlleg informéiert Iech, dass d' «Ecobac»-Kierf fir de Pabeier an d'Glas duerch blo a gréng Poubellen ersat ginn, mat engem Volume vun 120 oder 240 Liter.

Dës Decisioun huet de Syndicat intercommunal de gestion des déchets (SIGRE) geholl, an deem d'Gemeng Member ass. Vum 1. Januar 2027 u ginn d'Kierf net méi eidel gemaach.

De Bestellformulaire fannt Dir um Internetsite vun der Gemeng ënnert der Adress www.waldbillig.lu, Rubrik *déchets et recyclage* oder Dir kritt en op der Gemeng.

Fir Engpäss a laang Liwwerzäiten ze vermeiden, biede mir Iech, Är Commande bis de 15. September 2026 eranzereechen.

D'Kierf kënnt dir hale fir de private Gebrauch oder um Recyclingcenter zu Jonglënster ofginn.

D'Gemengeverwaltung seet Iech am Viraus Merci fir Är Zesummenaarbecht a steet Iech fir weider Informatiounen zur Verfügung.

# Bulletin communal 03/2026

## Appel de candidatures pour la Commission de la Circulation de la Commune de Waldbillig

Chères concitoyennes, Chers concitoyens,

Dans sa séance du 24 juin 2026, le conseil communal a décidé d'instaurer une commission facultative de la Circulation pour notre commune, se composant de 6 membres et de membres du Conseil communal. Le rôle principal de cette commission sera de conseiller les élus sur l'analyse des problèmes du trafic, la modification des règlements de circulation et le renforcement de la sécurité routière.

Le Conseil communal attire l'attention des intéressé(e)s que l'administration communale doit soumettre les projets visant à apaiser la circulation à l'intérieur des agglomérations pour avis au Ministère de la Mobilité et des Travaux publics.

Les candidatures sont à remettre au secrétariat communal de Waldbillig, 7, Fielserstrooss L-7640 Christnach, pour le lundi, 31 août 2026 au plus tard.

Les candidat(e)s intéressé(e)s à faire partie d'une commission consultative doivent être domicilié(e) sur le territoire de la commune de Waldbillig, être majeur(e)s ainsi que disposer des droits civils et politiques.

La langue usuelle parlée dans les séances des commissions consultatives est le luxembourgeois mais chaque membre a la possibilité d'exprimer son opinion en français ou en allemand.

Les personnes désirant briguer un mandat au sein de la commission consultative prémentionnée auront la possibilité (absolument facultative) de motiver leur candidature au cours de la prochaine réunion du conseil communal qui suivra le dépôt des candidatures. La présentation des candidatures sera suivie de la désignation des membres de la commission.

Christnach, le 27 juillet 2026.

Le collège échevinal,

Andrée Henx-Greischer   Corinne Meyers   Romain Tobes

WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG



## Kandidaturenopruff fir d'Verkéierskommissioun vun der Gemeng Waldbëlleg

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

An senger Sëtzung vum 24. Juni 2026 huet de Gemengerot decidéiert, eng fakultativ Verkéierskommissioun fir eis Gemeng ze grënnen, déi sech aus sechs Memberen zesummesetzt mat zousätzlech Memberen aus dem Gemengerot. Hir Haaptaufgab besteet dran déi gewielt Vertrieder iwwer Verkéiersanalysen, Ännerunge vum Verkéiersreglement an d'Verstäerkung vun der Verkéierssécherheet ze beroden.

De Gemengerot wëll déi interesséiert Bierger drun erënneren, datt d'Gemengeverwaltung d'Projeten iwwer d'Verkéiersberouegung an den Uertschaften, dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Bauten zur Iwwerpréiwung virleeë muss.

D'Kandidature si bis Méindes, den 31. August 2026, beim Gemengesekretariat vu Waldbëlleg, 7 Fielserstrooss, L-7640 Christnach, anzereechen.

D'Kandidaten, déi un dëser berodender Kommissioun intresséiert sinn, mussen Awunner vun der Gemeng Waldbëlleg sinn, groussjäreg sinn an déi biergerlech a politesch Rechter hunn.

Déi üblech Sprooch, déi an de Sitzunge vu de Kommissioune geschwat gëtt, ass Lëtzebuergesch, awer all Member huet d'Méiglechkeet, seng Meenung op Franséisch oder Däitsch auszedrécken.

Déi Intresséiert, déi sech fir d'Wal vun der genannte Kommissioun stelle wëllen, hunn d'Méiglechkeet (komplett fakultativ), hir Grënn fir hir Kandidatur an der nächster Sëtzung vum Gemengerot ze presentéieren. Duerno ginn d'Membere vun dëser Kommissioun genannt.

Chrëschtnech, de 27. Juli 2026.

De Schäfferot,

Andrée Henx-Greischer   Corinne Meyers   Romain Tobes

## DÉCLARATION DE CANDIDATURE

Par la présente, je pose ma candidature pour la Commission de la Circulation.

Nom: ...................................... Prénom: .....................................

Âge: ........................................ Nationalité: ................................

Profession: .............................. Tél.: ..........................................

Adresse: .........................................................................................

Adresse e-mail : …………………………………………………………………….

________________________

*(signature)*

---

## KANDIDATURERKLÄRUNG

Heimat stellen ech meng Kandidatur fir d'Verkéierskommissioun.

Numm: ...................................... Virnumm: .....................................

Alter: ........................................ Nationalitéit: ................................

Beruf: .............................. Tel.: ......................................................

Adress: ...........................................................................................

E-Mail Adress : …………………………………………………………………….

________________________

*(Ennerschrëft)*

**Information RGPD**

*Les données personnelles collectées à travers ce formulaire font l'objet d'un traitement par l'administration communale de Waldbillig. Vous disposez d'un droit d'accès, de rectification et de suppression de vos données personnelles conformément au Règlement Européen de Protection des Données du 25 mai 2018. Les données collectées seront conservées jusqu'à révocation de votre part, conformément aux exigences légales prévues en la matière. Vous pouvez faire valoir vos droits en adressant votre demande à dpo@waldbillig.lu.*

# Vacance de poste

## Accompagnateur de bus scolaire(m/f/x) pour assurer l'encadrement des élèves utilisant le transport scolaire communal

L'administration communale de Waldbillig se propose d'engager pour son service du transport scolaire un accompagnateur de bus (m/f/x) à raison de 16 heures par semaine à durée déterminée du 15 septembre 2026 au 15 juillet 2027. La personne à engager sera classée dans le groupe de salaire A sur base de la convention collective des salariés de l'Etat. Les horaires de travail sont fixés en fonction des horaires du transport scolaire.

Une expérience dans l'encadrement d'enfants constitue un atout. Les candidats doivent maîtriser la langue luxembourgeoise afin de pouvoir communiquer efficacement avec les élèves.

Les intéressés sont invités à adresser leur candidature au :

Collège des bourgmestre et échevins de la Commune de Waldbillig
7, Fielserstrooss
L-7640 Christnach

pour le **4 septembre 2026** au plus tard accompagnée des pièces suivantes :

1) lettre de motivation ;
2) curriculum vitae avec photo récente ;
3) extrait récent du casier judiciaire (no 3 et no 5) datant de moins de deux mois ;
4) copie de l'acte de naissance ;
5) copie de la carte d'identification de la sécurité sociale ;
6) copie de la carte d'identité valable
7) certificat d'affiliation du Centre commun de la sécurité sociale

Les demandes incomplètes ne seront pas prises en considération.

Le collège des bourgmestre et échevins

# Bulletin communal 03/2026

## Fräi Plaz

### Schoulbus-Begleeder (m/w/x) fir d'Iwwerwaachung vun de Schüler, déi de Service vum Schoultransport vun der Gemeng notzen

D'Gemengeverwaltung Waldbëlleg sicht e Schoulbusbegleeder (m/w/d) fir hire Service vum Schoultransport, mat 16 Stonnen d'Woch op Basis vun engem befriste Kontrakt vum 15. September 2026 bis de 15. Juli 2027. Den zréckbehalene Kandidat gëtt an d'Gehältergrupp A vum Kollektivvertrag fir Staatsbeamten agestuuft. D'Aarbechtszäite ginn no dem Schoultransport-Fuerplang festgeluecht.

Erfarung an der Iwwerwaachung vu Kanner ass vu Virdeel. De Kandidat muss Lëtzebuergesch schwätzen, fir efficace mat de Schüler ze kommunizéieren.

Interesséiert Persoune sinn invitéiert hir Ufro ze schécken un:

Schäfferot vun der Gemeng Waldbëlleg
7, Fielserstrooss
L-7640 Christnach

bis spéitstens de **4. September 2026** zesumme mat de follgenden Dokumenter:

1) Motivatiounsbréif;
2) Liewenslaf mat enger rezenter Foto;
3) Rezenten Auszuch aus dem Strofregester (Nr. 3 an Nr. 5), net méi al ewéi 2 Méint;
4) Kopie vum Gebuertsakt;
5) Kopie vun der Sozialversécherungskaart;
6) Kopie vun enger gëlteger Identitéitskaart;
7) Certificat vum Centre commun vun der Sécurité sociale.

Onvollstänneg Ufroe ginn net berécksiichtegt.

De Schäfferot

## Morcellement vun engem Terrain

De Morcellement an dräi Parzelle vum Terrain, am Kadaster agedroen ënnert der Nummer 64/4655, Sektioun C vu Chrëschtnech, ass den 3. Juni 2026 vum Gemengerot geneemegt ginn. Des Decisioun ass geméiss dem Artikel 82 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 publizéiert ginn an un den Inneminister geschéckt gi fir d'Publikatioun am Memorial.

## Morcellement d'un terrain

Le projet de morcellement en trois parcelles du terrain inscrit au cadastre sous le numéro 64/4655 section C de Christnach, a été accordé par le conseil communal en sa séance du 3 juin 2026. Cette décision a été publiée conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 et transmise à Monsieur le Ministre des Affaires intérieures pour publication au Mémorial.

---

## Règlement-taxe pour les habitations non-occupées

En exécution des dispositions de l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est porté à la connaissance du public que le conseil communal a approuvé en sa séance publique du 3 juin 2026 l'introduction d'une taxe spécifique pour les habitations non-occupées sur le territoire de la commune de Waldbillig.

La délibération afférente a été approuvée le 10 juillet 2026 par arrêté grand-ducal.

Le public pourra prendre connaissance du texte intégral dudit règlement sur le site Internet www.waldbillig.lu, dans la section *règlementation communale.*

## Taxe-Reglement op eidel stoende Wunnengen

Geméiss de Bestëmmunge vum Artikel 82 vum geännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 gëtt dem Public matgedeelt, datt de Gemengerot a senger ëffentlecher Sëtzung den 3. Juni 2026 d'Aféierung vun enger spezifescher Taxe op eidel stoende Wunnenege gestëmmt huet.

Déi entspriechend Deliberatioun gouf den 10. Juli 2026 duerch Groussherzoglecht Dekret geneemegt.

D'Allgemengheet kann de kompletten Text vum Reglement op der Websäit vun der Gemeng www.waldbillig.lu, ënnert der Rubrik *règlementation communale* consultéieren.

---

## Adaptation des subventions communales pour l’utilisation rationnelle de l’énergie et la mise en valeur des énergies renouvelables dans le domaine du logement

En exécution des dispositions de l’article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est porté à la connaissance du public que le conseil communal a approuvé en sa séance publique du 24 juin 2026 une adaptation des subventions communales pour l’utilisation rationnelle de l’énergie et la mise en valeur des énergies renouvelables dans le domaine du logement.

Le public pourra prendre connaissance du texte intégral dudit règlement à la maison communale à Christnach pendant les heures d’ouverture des bureaux ou sur le site Internet www.waldbillig.lu.

## Upassung vun de kommunale Subventioune fir déi rational Notzung vun Energien an d’Entwécklung vun erneierbaren Energien am Wunnengsbau

Geméiss de Bestëmmunge vum Artikel 82 vum geännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 gëtt dem Public matgedeelt, datt de Gemengerot a senger ëffentlecher Sëtzung de 24. Juni 2026 déi kommunal Subventioune fir déi rational Notzung vun Energien an d’Entwécklung vun erneierbaren Energien am Wunnengsbau ugepasst huet.

D'Allgemengheet kann de kompletten Text vum Reglement op der Websäit vun der Gemeng www.waldbillig.lu, ënnert der Rubrik *règlementation communale* consultéieren.

---



**Biergerversammlung**

# Hëtzt, Iwwerschwemmungen – wat maache mir?

26/10/2026

18:30 - 21:00

Centre polyvalent “Kuerzwénkel”
19, rue de Berdorf, L-6213 Consdorf

Iwwersetzung op Franséisch an Englesch

# Si mir prett?

Léif Awunner,
de Klimawandel ass keen Thema vun der Zukunft - en ass scho bei eis. Hëtzt am Summer an Iwwerschwemmungen, dat spiere mir och an eisen Dierfer ëmmer méi.

U verschiddenen Dëscher tauscht Dir Iech mat ären Noperen aus, bréngt Erfarungen an a kënnt zesummen mat Iddie presentéieren, déi direkt an d’Klimastrategie vun eise Gemengen afléissen.

Är Gemengen

Citizens for Ecological Learning & Living

PacteClimat – European Energy Award – Ma commune s'engage pour le climat

GEMENG BECH – ZÉNG DIERFER · ENG GEMENG

GEMENG HIEFENECH

Gemeng BEEFORT – Déiljen | Grondhaff

WALDBËLLEG – COMMUNE DE WALDBILLIG

Gemeng Konsdref

**Réunion citoyenne**


# Canicules, inondations : comment réagir ?

Chères habitantes, chers habitants,
Le changement climatique n'est plus un enjeu d'avenir : il est déjà bien présent. Les fortes chaleurs en été et les inondations sont des réalités que nous ressentons de plus en plus dans nos villages.

Répartis autour de diverses tables de discussion, vous aurez la possibilité de discuter avec vos voisins, de partager vos expériences et de développer ensemble des idées concrètes qui seront directement intégrées dans la stratégie climatique de nos communes.

*Une traduction en français sera assurée.*

**Vos communes Bech - Beaufort - Consdorf - Heffingen - Waldbillig**



**Citizens' meeting**

# Heatwaves, floods: what should you do?

Dear residents,
Climate change is no longer a future concern: it is already a reality. In our villages, we are increasingly confronted with the realities of flooding and heatwaves during the summer.

At a variety of discussion tables, you will have the chance to engage in conversation with your neighbors, exchange experiences, and collaborate to generate practical ideas that will be directly integrated into the climate strategy of our municipalities.

*Interpretation into English will be provided.*

**Your municipalities Bech - Beaufort - Consdorf - Heffingen - Waldbillig**



Citizens for Ecological Learning & Living

PacteClimat European Energy Award
Ma commune s'engage pour le climat

# GOGOVELO

5th Edition

## 07.09 - 18.10.2026

**1** **DOWNLOAD THE APP**

**RADBONUS II**

GET IT ON Google Play

Download on the App Store

radbonus

Access Code: **GOGOVELO**

**2** **CYCLE TO WORK, SCHOOL, OR FOR LEISURE**



**3** **TRACK KM & WIN PRIZES**



Naturpark Mëllerdall Geopark

ZENAPA

Funded by Life

PRO VELO .LU

KLIMA BÜNDNIS LËTZEBUERG

*with the support of*

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité et des Travaux publics

**www.gogovelo.lu**

WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG

# Bulletin communal 03/2026

## Visite de la « Schueberfouer »

L'administration communale organise à l'intention des habitants de la commune de Waldbillig un transport en bus à la « Schueberfouer » à Luxembourg pour le mardi, 25 août 2026.

Le départ du bus aura lieu à 18h00 près de l'école à Haller, à 18h08 en face de l'ancienne mairie à Waldbillig et à 18h15 près de l'église à Christnach. Le retour depuis Luxembourg-Limpertsberg est prévu pour 23h00.

Etant donné que le nombre de places dans le bus communal est limité, les personnes intéressées sont invitées à réserver leur(s) place(s) à l'administration communale (tél. 837287) pour le vendredi 21 août 2026.

Le collège échevinal

## Visite vun der Schueberfouer

D'Gemengeverwaltung organiséiert fir Dënschdes, de 25. August 2026 fir d'Awunner aus der Gemeng Waldbëlleg en Transport mam Gemengebus op d'Schueberfouer.

Depart ass zu Haler bei der Schoul ëm 18:00 Auer, zu Waldbëlleg vis-à-vis vun der aler Gemeng ëm 18:08 Auer an zu Chrëschtnech bei der Kierch ëm 18:15 Auer. De Retour um Lampertsbierg ass fir 23:00 Auer virgesinn.

Well d'Unzuel vun de Plazen am Bus limitéiert ass, biede mir déi Awunner, déi intresséiert si fir matzefueren, sech op der Gemeng unzemellen (Tel. 837287), bis Freides den 21. August 2026.

De Schäfferot